N°3394
Entrée le 29.01.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 3394 vum 6. Januar 2026 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

*1. No wéi enge Krittäre gëtt entscheet, ob e Rollstull vun der Fleegeversécherung oder vun der Krankekeess iwwerholl gëtt?*

Laut dem Artikel 349 muss eng fleegebedürftegkeet fir méi ewéi 6 Méint oder irreversibel bestoe fir iwwert d'Departement Fleegeversécherung vun der Gesondheetskeess ee Rollstull iwwerholl ze kréien.

Wann een urgente Besoin fir ee Rollstull besteet, kann e Basis-Rollstull och op Ordonnance médicale vum Dokter direkt zur Verfügung gestallt ginn iwwert de Volet „assurance maladie", am Aklang mat de Konditioune vum Fichier B2 vun de Statute vun der Gesondheetskeess (CNS).

*2. Wéi eng Prozedur muss e Patient duerchlafen, fir d'Finanzéierung vun engem Rollstull ze kréien, a wéi laang dauert dëse Prozess am Duerchschnëtt?*

Fir e Rollstull ze kréien, muss d'Persoun eng entspriechend Demande bei der CNS maachen. Dës Demande enthält e medezinesche Bericht (Code R20). D'Prozedur ass ëmmer déi selwecht, onofhängeg vun de verschidden Typen vu Rollstill déi et gëtt.

D'Dauer vun dësem Prozess ass ofhängeg souwuel vum Typ ewéi vun der Disponibilitéit vum benéidegten Rollstull.

D'Basis-Rollstill, déi op Lager sinn, ginn der Persoun mëttels Locatioun zur Verfügung gestallt. Wann de Rollstull speziell Ufuerderungen erfëlle muss, gëtt dësen ausgeschriwwen, fir de Bedierfnesser vun der Persoun am Beschte gerecht ze ginn.

*3. Gëtt et Limitatiounen oder Quoten, wat d'Erneierung vun engem Rollstull ubelaangt, a wéi eng Krittäre gëllen, fir en neie Rollstull accordéiert ze kréien?*

E Rollstull gëtt accordéiert, nodeems de Besoin vun der Administration d'évaluation et de contrôle duerch eng Evaluatioun festgehal gouf.

*4. Wéi eng Moossnamen hëlt d'Regierung, fir sécherzestellen, datt all Patient Zougang zu deem Rollstull huet, deen am beschte sengen individuelle Bedierfnesser entsprécht, onofhängeg vu senger finanzieller Situatioun?*

Den Zougang zou den techneschen Hëllefsmëttel am allgemengen, an de Rollstill am spezifeschen, ass iwwert d'groussherzoglecht Reglement vum 22. Dezember 2006 gereegelt[1].

[1] *Règlement grand-ducal du 22 décembre 2006 déterminant : 1. les modalités et les limites de la prise en charge des aides techniques par l'assurance dépendance; 2. les modalités et les limites de la prise en charge des adaptations du logement par l'assurance dépendance; 3. les modalités et limites de la prise en charge par l'assurance dépendance des aides techniques pour les personnes bénéficiaires de soins palliatifs*

Laut Artikel 3 vun dësem Reglement ginn déi integral Käschte vun der Locatioun vun de Rollstill vun der CNS iwwerholl, wann de spezifesche Besoin vun der betraffener Persoun duerch d'AEC festgehal ginn ass.

D'finanziell Situatioun vun der Persoun gëtt a kengem Fall consideréiert.

*5. Gëtt et Statistiken iwwer d'Unzuel vun den Demanden, déi ofgeleent goufen, a wat sinn déi heefegs Grënn fir eng Ofleenung?*

Fir d'Joer 2025 goufe 5 Demanden ofgeleent, 2024 waren et 4 ofgeleenten Demanden.

D'Grënn fir d'Ofleenung waren:

- d'Persoun konnt wéinst motoreschen oder kognitive Beanträchtegungen den elektresche Rollstull net sécher benotzen, wat eng Gefor fir d'Persoun selwer oder hiren Entourage duerstellt;
- d'Persoun huet am Ausland gewunnt;
- d'Persoun hat de Rollstull scho kaf éier si eng Demande gemaach hat.

Lëtzebuerg, den 29. Januar 2026

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez